

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 16. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Déi südafrikanesch Regierung huet rezent bekannt ginn, datt d'Land d'Aféiere vum Impfstoff AstraZeneca no de Resultater vun enger klinescher Etüd aussetze wëll. Südafrika huet an deem Kontext de "Serum Institute of India (SII)", de weltwäit gréissten Impfstoff-Hiersteller, opgefuerdert, eng Millioun Dose vum genannten Impfstoff zeréckzezéien. Hannergrond heivunner ass, datt déi klinesch Etüd zum Schluss komm ass, datt den Impfstoff vun AstraZeneca net déi gewünschte Wierkung weist géint déi südafrikanesch Variant (B.1.351). Déi renomméiert däitsch "Pharmazeutische Zeitung" schreift de 15. Februar an deem Kontext: "Die Autoren müssen nach dieser Studie den ernüchternden Schluss ziehen, dass der Astra-Zeneca-Impfstoff AZD1222 gegen die südafrikanische Virusvariante B.1.351 wirkungslos ist, wenn es darum geht, vor leichten bis mittelschweren Erkrankungen zu schützen. Offen bleibt momentan die Frage, ob der Impfstoff eventuell schwere Covid-19-Verläufe verhindern könnte."

Elo stellt sech d'Fro, wéi Lëtzebuerg op dës nei Erkenntnesser reagéiere soll. Déi südafrikanesch Variant ass jo noweislech och hei am Land opgetrueden a riskéiert, wéi dat z.B. an Tirol an an Tschechien aktuell de Fall ass, sech och hei weider auszebreen. Brisant ass iwwerdeems, datt zu Lëtzebuerg dat gesamte medezinesch a paramedezinescht Personal de Moment bal ausschliisslech mam Impfstoff vun AstraZeneca geimpft gëtt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi gedenkt op déi rezent Erkenntnisser aus Südafrika ze reagéieren?
2. Wëll d'Regierung am Kontext vun den neien Erkenntnisser virufueren, dat medezinesch a paramedezinescht Personal bal ausschliisslech mam AstraZeneca-Impfstoff ze impfen?
3. Gedenkt d'Regierung eng "recherche forcée" ze maachen iwwert den aktuelle Stand, wéi sech déi südafrikanesch Variant vum Covid-Virus den Ament zu Lëtzebuerg verbreet?

4. Gedenkt d'Regierung no den Erkenntnisser aus Südafrika eventuell Efforten ze ennerhuelen, fir datt déi betrafte Leit an noer Zukunft nees kënne mam Impfstoff vu BioNTech oder Moderna kënne geimpft ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten